› RESULTAT

Den Dokter, deen d'Ënnersichung ausféiert, kann eréischt Informatiounen ausginn, wann d'Opname vollstänneg gespäichert a rekonstruéiert goufen.

Déi definitiv Resultater ginn no zwee bis dräi Deeg un den Dokter geschéckt, deen d'Ënnersichung verschriwwen huet.

› VIRSIICHTSMOOSSNAMEN NO DER ËNNERSICHUNG

No der Ënnersichung bleift Dir schwaach stralend. Vill drénken ënnerstëtzt den Ofbau vum Produkt.

Och wann d'Risike der radioaktiver Stralung minimal sinn, rode mir Iech, de Kontakt mat klenge Kanner a schwangere Frae bis zum Owend no der Ënnersichung ze vermeiden.

Fir eng optimal Bildqualitéit ass et wichteg, **Äre Rendez-vous genee anzehalen.**

Wann Dir Äre Rendez-vous net anhale kënnt, kontaktéiert eis sou séier wéi méiglech op der Nummer 4411 6810 oder per E-Mail op sec.petscan@chl.lu.

Mir beäntwere gär all d'Froen, déi Dir zu Ärer PET-Scan-Ënnersichung hutt, an hoffen, datt dës Informatiounen hëllefräich waren.

CENTRE NATIONAL PET (CHL)

Sekretariat vum Centre National PET

RDV ausmaachen/RDV ofsoen:
Tel: 4411 6810
Fax: 4411 6811

Vun 8:00 bis 16:00 Auer
E-Mail: sec.petscan@chl.lu

Äre Rendez-vous fir e PET-Scan ass virgesi fir:

..... um .... Auer

eniichter (ausser Waasser a Medikamenter)

Flyer A4 FR Pet-Scan Sept 2018

CHL
Centre Hospitalier de Luxembourg
CENTRE

Centre Hospitalier de Luxembourg
4, rue Ernest Barblé L-1210 Lëtzebuerg
Tel.: +352 44 11 11 **Fax:** +352 45 87 62 **www.chl.lu**

PET = POSITRONENEMISSIOUNS-TOMOGRAFIE

CENTRE NATIONAL PET

CHL
Centre Hospitalier de Luxembourg
CENTRE

WAT ASS E PET-SCAN?

E PET-Scan ass eng Bildgeebungstechnik, mat där d'**metabolesch Aktivitéit** vum Geweebe ënnersicht gëtt, andeem e radioaktiivt Produkt aus Glukos injizéiert gëtt.

Dës Ënnersichung ass eng Ergänzung fir Radiografie, Ultraschall, MRT, CT-Scan, déi anatomesch Bildgeebungstechniken uwenden.

› VIRBEREEDUNG FIR D'ËNNERSICHUNG

Dir däerft 5 bis 6 Stonne virun der Ënnersichung **näischt iessen** an **net fëmmen** (Waasser drénken ass erlaabt):

- Wann Dir e Rendez-vous virun 12.00 Auer hutt: näischt no Mëtternuecht iessen; Waasser drénken ass erlaabt.
- Wann Dir e Rendez-vous no 12.00 Auer hutt: e liicht Iessen ouni Zocker ass fréi moies erlaabt (viru 7.00 Auer).

Dir kënnt mat Ärer üblecher Medikamentbehandlung virufueren, ausser mir soen Iech eppes anescht. (Am Zweiwelsfall kontaktéiert eise Service).

Informéiert eis wgl. och, wann Dir schwanger sidd (och wann Dir net sécher sidd) oder stëllt.

› VIRSIICHTSMOOSSNAME FIR DIABETIKER

Wann Dir Diabetesmedikamenter oral anhuelt, kënnt Dir mat Ärer normaler Behandlung virufueren. Wann Dir awer Insulin injizéiert, kontaktéiert wgl. eise Service a befollegt d'Uweisungen, déi mir Iech ginn.

› WANN DIR UKOMMT

Gitt um Dag vun Ärem Rendez-vous an den Ubau vum Centre Hospitalier de Luxembourg (Keller).

Dir gitt un der Receptioun empfaangen an an den Centre National PET geschéckt.

› DAUER VUN DER ËNNERSICHUNG

Dir musst maximal 2 Stonnen hei verbréngen.

› OFLAF

Dir gitt an engem Rouraum bruecht, wou mir Iech eng intravenös Infusioun leeën an Äre Bluttzocker moossen.

E radioaktiivt Produkt gëtt iwwer d'Veen injizéiert. Dëst Produkt huet **keng Niewewierkungen** a brauch 60 Minutten, fir sech an Ärem Kierper ze fixéieren.

Wärend dëser Zäit ass et **wichteg, datt Dir komplett roueg bleift.**

Fir d'Biller opzehuelen, gëtt d'Infusioun ausgesat an Dir leit 10 bis 20 Minutte bequeem um Ënnersichungsdësch.

Wärend der Ënnersichung gitt Dir gebieden, Iech **guer net ze beweegen** .